

M. Charles Goerens, *Ministre de la Coopération, de l'Action humanitaire et de la Défense*.- Här President, ech hu scho Stellung geholl dozou. Ech wëll nach just der Chamber dokumentéieren, datt ech à tout moment bereet si Rendez-vousen ze fanne fir si ze informéieren iwwert de leschte Stand vun den Diskussiounen à propos vun der pluriannueller Finanzplanung an der Arméi.

M. le Président.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Ech si bereet déi Motioun zréckzezéien.

Plusieurs voix.- Très bien.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5222 iwwert d'Schafung vun engem Établissement public „Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation“. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Meyers, Di Bartolomeo, Bettendorf, Colombero an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alexandre Krieps.

2. 5222 - Projet de loi portant création de l'établissement public „Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation“

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Alexandre Krieps (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, a merci, Här Gibéryen. De Moien hu mer d'Adaptatioun vum Finanzéierungsgesetz gestëmmt och fir de Rehazenter. Dat ass also e Gesetz gewiescht, wat de Contenant bestëmmt. De Mëtteg bestëmme mer dat Gesetz iwwert den Établissement public, wat dee Rehazenter géréiere wäert an och während der Konstruktioun begleet wäert, wat also ganz kritesch ass fir de Contenu an d'Ausrichtung vun deem Rehazenter an der Zukunft - dat alles ënnert der Tutelle vum Gesondheitsminister.

De Moien hu mer de parteipoliteschen Historique iwwert d'Entstoe vun deem Rehazenter héieren. Ech brauch also net méi dorobber anzegoen. Souwisou verweisen ech lech op déi schréfflech Virlag, déi Der kritt hutt.

Ech muss soen, dass zu dësem Gesetz de Statsrot zwee Avisen ofginn huet, d'Chambres professionnelles alleguer prinzipiell d'accord ware mat deem Projet an och dann ëmmer ënnerstrach hunn, dass et héich Zäit wier, dass dee Projet hei un d'Goe kéim. D'Chambre des Fonctionnaires huet eng interessant Remarque gemaach, wou mer herno drop zréckkommen, am Rapport mat den Établissements publics, mat dësem am Speziellen an den Établissements publics am Allgemengen. Ech maachen e ganz objektive Bericht, Här Lux.

M. Lucien Lux (*LSAP*).- Ech hunn elo näischt gesot.

M. Alexandre Krieps (*DP*), *rapporteur*.- De Ministère vun der Santé, de Conseil d'État an d'Chamberskommissioun vun der Santé hunn allen dräi an dëser Gesetzesvirlag eng ganz seriö Aarbecht gemaach.

(Coups de cloche de la Présidence)

Am Artikel 2 huet d'Kommissioun gegleeft, dass d'Missioun vum dësem Établissement public Rehazenter esou breet wéi méiglech gefaast sollte ginn, souwuel wat déi stationär Behandlungen wéi déi ambulante Behandlungen ugeet, souguer bei Patienten, déi bis doheem kënnte behandelt ginn a speziell kritesch a schwierge Fäll. Och d'Ausbildung an d'Recherche

kommen an deem Artikel 2 net ze kuerz.

Den Artikel 4 bestëmmt d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot, an dat ass relativ interessant, well all déi Membere gi vum Grand-Duc bestëmmt an ënner Emstänn révoquéiert. Wat interessant war, war den Avis vum Conseil d'État, well de Conseil d'État huet versicht, d'Memberen aus deem Verwaltungsrot erauszehalen, déi ze vill Kapen op hätten, wéi mer dat an aneren Établissements publics erlieft hunn. De Conseil d'État huet esouguer plädéiert, dass d'Vertrieder vun de Sozialkeesen, dat heescht d'Krankekeesen an den Unfall, d'Assurance-accident, kee Représentant an deem Gremium sollten hunn, well se jo net selwer mat sech kënnte verhandelen, wéi mer dat och op anere Plazen oft erlieft hunn.

D'Chamberskommissioun fir hiren Deel huet och gegleeft, dass d'Patientenvertreder éischter sollte vun der Regierung matbestëmmt ginn, fir all Interessenkonflikter virzebeugen, dat heescht dass een net „Juge et partie“ zugläich kënnt sinn. Och ass et virgesinn, dass keng Vertreder an deem Conseil virgesi sinn, déi enger Kontrollfunktioon iwwert den Établissement public hunn. An dat ass bal eng Première fir en Établissement public, mir hunn also net méi d'Leit déi sech och selwer kontrolléieren. De Mandat vun deene Verwaltungsrotsmemberen ass op sechs Joer fir se alleguete gesat ginn, fir eng laangfristeg, kohärent Politik ze garantéieren.

Dëse Rehazenter ass en Établissement hospitalier an esou fällt en och ënnert d'Gesetz vum 28. August 1998, doudsécher fir eng ganz Rei administrativ a comptabel Mesuren. De Conseil d'État an ons Kommissioun hunn och an hirer Majoritéit de Konzept vun den Antennen, wat de Moien ugeschwat ginn ass, am Minett oder am Éislek fale gelooss. Deen heiten Établissement, deen en nationale Referenzcharakter soll hunn, brauch also keng Antennen, an déi Loi de financement, déi Der de Moie gestëmmt hutt, huet déi Antennen iwwerhaapt net méi virgesinn.

Ech wollt nach fënnef Sujeten hei uschwätzen, déi an der Kommissioun diskutéiert gi sinn, ganz kolleegial.

Deen éischte betrëfft de Statut vum Personal. D'Chambre des Fonctionnaires huet sech Suerge gemaach, dass dëst Personal de Statut public misst kréien, an dat laut dem Accord salarial vum 21. März 2002. Et ass ouni Zweifel hei eng Onsécherheet, mä d'Chamberskommissioun huet gemengt, dass dësem Établissement public säi Personal de Statut sollt kréie wéi an anere Beräicher vum Gesondheitssektor, an do verweise mer op de Centre hospitalier oder de Centre hospitalier neuropsychiatrique an esou virun. Soss kënnt ee souwisou den Artikel 1 sträichen, wou steet et wier eng Gestion de droit privé. An et wier ouni Zweifel e Réckschlag vu méi wéi 28 Joer, bis virun 1975, wéi den Établissement public Centre hospitalier gegrënnt ginn ass. Also en Établissement public am Gesondheitsberäich oder am kulturelle Beräich, an ech huelen un, dass meng Noriedner dorobber nach wäerten agoen, ass ganz verschidde vun engem puren administrativen Établissement public. Dëse Punkt ass wichteg a wäert och misse vun der Regierung gekläert ginn.

Déi zweet Remarque betrëfft d'Exemption fiscale vun dësem Établissement public. Onse Kolleeg, den honorabele Paul-Henri Meyers, huet déi Fro opgehäit, ënner anerem well en eng ongerecht Konkurrenz tëschent engem Établissement public an enger Privat-institution, déi vläicht déi nämlech Missiounen erfëlle géif, gefaart huet. An dësem Fall muss een zwar soen, dass den heiten Établissement public keen industriell-

len oder kommerzielle Charakter huet, an dass déi Fro vläicht net esou voll op dësen Établissement public zoutreëft. Et kann ee sech natierlech virstellen, dass d'Recetté vun der Restauratioun an d'Konte vun deenen Établissements afléissen missten, wat an der Vergaangenheet bei verschidden Établissements publics net ëmmer de Fall war.

Déi drëtt Fro betrëfft d'Reprise vun der Rehazenter a.s.b.l. duerch den Établissement public Rehazenter. D'Regierung huet do eng Fiche financière virgeluecht, déi dëse Punkt klärt. D'Scholden vun der Rehazenter a.s.b.l. op den 30. Juni vun dësem Joer plus Zënse ginn iwwerholl, dat ass ongeféier e Montant vu 520.000 Euro, an de Rehazenter kritt och eng Dotation financière vum Spidolsfong an der Héicht vun ongeféier 4.360.000 Euro. Hir Recetten, dat muss ee souwisou bedenken, komme meeschtens vun der UCM, also si sinn opposabel zu der UCM, an dat muss also négociéiert ginn.

E véierte Punkt, deen interessant ass an dëser Gesetzesvirlag: Et si 16 Leit mat dem Hospice civil vun der Stad Lëtzebuerg verbonnen. Déi ginn och am Prinzip iwwerholl, an den Hospice civil gëtt dofir entschidedt.

E fënnefte Punkt, deen och de Moien ugeschwat ginn ass, ass déi Affär vum „ante legem“, well virun engem Mount ugefaange ginn ass ze baggeren, an am schréffleche Bericht fannt Der déi Aspekter. Ech ka mech erënneren, am Ufank vun dëser Legislatur hu mer beim ISERP en Turnsall gestëmmt, dee war scho fënnef Joer am Gebrauch oder net wäit dovun. Also ech mengen dat ass eng geleefteg Praktik. Ech hoffen, dass dat zwar an Zukunft iergendwéi ka geännert ginn.

De Rapport vun der Kommissioun ass vun der Majoritéit gedroe ginn, bei véier Enthalungen. Nawell bidden ech lech hei, dëser Gesetzesvirlag zoustëmmen, well et ass e gutt preparéiert a kuerzt Gesetz mat 14 Artikelen. Ech soen dobäi d'ailleurs dem Här Bisenius vun der Chamber merci fir seng excellent Aarbecht - déi Leit ginn net oft genuch gelueft. Letztlech hoffe mer, dass den Établissement public schnell ukënnt, wëssend dass dat gutt Funktiounen vum Rehazenter méi vun der Qualitéit a vum Asaz vum Personal ofhänke wäert, wéi vun dëser kuerzer Gesetzesvirlag. Ofschléissend, an am Numm an am Opdrag vun dëser Kommissioun, wollt ech och dem Dokter Grenot a senger ganzer Mannschaft, déi bis elo iwwer 24 Joer laang sech d'Méi ginn hunn, fir ganz schwéier betraffe Patienten ze fleggen, fir gutt Aarbecht ënner schwierge Konditiounen merci soen, a fir hir Gedold haapt-sächlech, bis mer elo mat dësen zwee Gesetzer ukomm sinn, an dofir soen ech lech alleguete merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber huet haut de Moien de Projet iwwert d'Finanzéierung vum Rehazenter gestëmmt, an haut de Mëtteg stëmme mer, esou wéi de Rapporteur dat elo grad gesot huet, d'Forme juridique vun Rehazenter. Ech wëll och dem Rapporteur fir säin excellent schréfflechen a mëndlechen Rapport merci soen. Hien huet och dee gréissten Deel vun de Froen, déi sech am Zesummenhang mat deem heite Gesetz gestallt hunn,

explizéiert an duergeluecht, esou dass ech mech eigentlech nëmmen zum Deel mat deene Froen nach brauch ofzeginn.

Et ass also e glécklechen Zoufall, dass haut de Rehazenter a senger ganzer Weit, souwuel wat d'Finanzéierung wéi och d'Forme juridique ugeet, ka gestëmmt ginn. Et ass de Moie schonn des Laangen an des Breederen iwwert de Rehazenter geschwat ginn. Ech wëll net op deen historeschen Deel zréckkommen. Ech kommen allerdéngs net derlaanscht, verschidde Punkten, déi de Moien net ervirgehewe gi sinn, awer hei ervirzehiewen, dat an enger objektiver Aart a Weis an ouni Polemik.

De Rehazenter ass 1978 geschafeginn aus enger Noutsituatioun eraus. An zwar, well am Rahme vun der Gériatrie vum Hospice civil vun Hamm gemierkt ginn ass, dass ëmmer erëm Leit hu missen opgeholl ginn, deenen hir Situatioun awer kënnt verbessert ginn duerch eng appropriéiert Rééducation. Dofir huet och den Hospice civil en accord mat der Gemeng Lëtzebuerg décidéiert, dee Service ze schafen. Et sinn aacht Better geschafeginn, et ass qualifizéiert Personal agestallt ginn an et war eigentlech geduecht, och an deene Gespréicher, déi schonn deemools mat dem zoustännege Ministère gefouert gi sinn, dass dat nëmmen e Provisorium wär.

Et bien, Dir Dammen an Dir Hären, dee Provisorium hält eigentlech elo haut en Enn an de Rehazenter kritt definitiv déi gesetzlech Basis an och déi finanziell Méiglechkeeten, déi e brauch. Dee Provisorium huet also méi wéi 25 Joer gedauert a mir stellen och fest, an dat kann ech hei ervirhiewen, dass an där Zäit eigentlech den Hospice civil, op jidde Fall bis zum Joer 2002, d'Chargé vun deem Rehazenter gedroen huet, an doduerch dass den Hospice civil se gedroen huet, ware se zu Laaschte vun der Gemeng Lëtzebuerg. D'Gemeng Lëtzebuerg huet och an där Zäit an der Moyenne bis zu 20 Milliounen Defizit pro Joer vun deem provisorische Rehazenter iwwerholl. Dat mécht an deenen iwwer 20 Joer quasiment eng hallef Milliard al Lëtzebuerger Frangen aus, well et war jo an där Zäit wou mer nach eis Lëtzebuerger Frangen haten.

Ech wollt dobäi ervirhiewen, well ëmmer och vun der Legitimitéit geschwat ginn ass a vun deem legitimen Usproch vun der Gemeng, fir d'Implantatioun vun deem Rehazenter hei um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg. Et sinn aner Gemengen, déi gesot hunn, et wier legitim, dass e bei si géif kommen. D'Gemeng Lëtzebuerg huet sech an den 90er Joren, wéi d'Décisioun gefall war, och net mordikus dogéint gewiert, mä si huet awer dogéint gewisen, dass si et eigentlech war an an hirem Accord, dass dee Rehazenter och geschafeginn ass, an dass e mat hirer Hëllef och konnt funktionéieren. An de Fait, dass e schlussendlech an der Stad implantéiert gëtt, kann een och als eng Unerkennung vun deem dote finanziellen Effort ugesinn.

Et ginn allerdéngs aner Grënn, déi de Moie schonn den Här Minister vun der Gesondheet duergeluecht huet, fir de Rehazenter an der Stad ze implantéieren. Déi Grënn muss een och unerkennen, an ech wëll och net méi op déi Grënn zréckkommen.

Ech wëll mech dann awer befaasse mat dem Établissement selwer. Bis elo huet de Rehazenter ënnert der Form vun enger A.s.b.l. funktionéiert. Eng A.s.b.l. ass eng juristesch Form, déi géeeget ass an déi geschafeginn ass am Gesetz vum 1928, fir Privatleit et ze erlaben ee Veräin oder eng Vereenegung ze grënnen. Et ass am Fong geholl net déi typesch Form vun de juristesche Persounen am öffentlechen Secteur. Hei geet et ëm eng öffentlech rechtlech Missioun. Et geet ëm Intérêts généraux, an dofir ass et och richtig, dass d'Form vun

Établissement public gewielt gëtt fir de Rehazenter an dass mer vun där Form vun der A.s.b.l. ewechkommen. Déi Décisioun ass richtig an déi kann een och nëmme begréissen.

Et ass dann d'Fro opgeworf gi vun dem Personal, wou och de Rapporteur schonn drop agaangen ass. Et ass richtig, dass an engem Accord salarial gesot ginn ass, d'Personal sollt an de Kader vun dem öffentlechen Déngscht erakommen, well et en Établissement public ass. Mir hunn awer eng Situatioun am Gesondheitssektor, wou dat zënter Joren net de Fall ass. Mir hunn am Gesondheitssektor ënnerschiedlech Établissements, Fondatiounen, Etablissements publics, Gemengenétablissements, a si falen alleguer, wat d'Personal ugeet, ënnert de Kollektivvertrag vun deem Secteur. Wa mer awer géingen higoen a mir huelen een Établissement eraus, oder mir huelen aner Établissements eraus, da kréie mer eng Doppelgleisegkeet vun deem Personal, wou ee sech awer muss d'Fro stellen, ob dat richtig wär, étant donné dass och d'UCM an Zesummenaarbecht mat den Établissements vun der Gesondheet a vun de Spideeler versicht de Käscheppunkt erauszestellen an déi Établissements och gläich ze behandeln. Et wier op jidde Fall...

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Här President, därerf ech dem Här Meyers eng Fro stellen?

(Assentiment)

Et ass jo net esou, dass an deem Accord tëschent Regierung a CGFP virgesinn ass, dass ee verschidde Statute géif maachen. Wann een den Accord tëschent CGFP a Regierung richtig liest, da géif fir bestoend Établissements publics a fir zukünftige Établissements publics de Statut public fir d'Personal gëllen. Dat ass den Accord. Wann also den Accord an d'Praxis géif emgesat ginn, da géif et keng zwee verschidde Statute méi ginn. Mä ech bezweifelen, dass de Wëllen nach do ass, fir deen Accord wirklech a Musek ëmzesetzen.

(Interruption)

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- Här President, ech mengen den Här Mars Di Bartolomeo huet nach net matkritt, datt et am Gesondheitssektor an am Secteur vun de Spideeler och privat Fondatiounen gëtt an aner Établissements, wou ganz sécher keng Statsbeamten hikommen. Ech maachen en och drop opmierksam, dass de Kollektivvertrag sech eigentlech uleent un den öffentlechen Secteur, dass also déi Leit, déi an deem Secteur schaffen, quasiment assimiléiert sinn un d'Statsbeamten. Also kann ee sech d'Fro stellen: Wat bréngt dat deene Leit weider, wa se Statsbeamte sinn oder net? Also fir déi Leit, déi an deem Secteur schaffen, ass dat ganz sécher keen Avantage.

(Interruptions diverses)

Well mir wëssen, wa mer de Statut vum Statsbeamten oder Statsemployé géifen integral uwenden, da stellen ech mer souguer d'Fro, ob dann dat Personal, wat an deem Secteur schafft, net méi schlecht ewech kéim wéi ënnert deene Konditiounen, ënnert déi et haut fällt.

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).- Da ginn awer komesch Accord gemaach!

M. Paul-Henri Meyers (*CSV*).- En anere Punkt, deen opgeworf ginn ass, deen och de Rapporteur hei ernimmt huet, dat sinn déi steierlech Avantagen, déi d'Établissements publics hunn. Ech hu selwer dee Problem opgeworf, well sech awer mat der Zäit am Verglach vun den Établissements publics mat Personnes juridiques de droit privé, déi am selwechten Secteur schaffen, Problemer stellen. Well déi eng Avanta-

gen hunn, déi déi aner net hunn, wou mer awer versichen déi op op gläiche Fouss ze stellen.

Et stelle sech och Problemer am Zesummenhank mat de Gemen-gen. Well wann een hei déi Exemp-tiounen ernimmt, da stellt sech d'Fro, wat dann alles dorënner fält, well an der Vergaangenheet, och an der rezenter Vergaangenheet, Gemengen, an ech denken hei be-sonnesch un d'Stad Lëtzebuerg, Problemer hate mat der Uwendung vun deenen doten Dispositionnen am Zesummenhank mat den Éta-blissements publics, déi beson-nesch hei an der Stad établiéiert sinn.

Den Établissement public, deen hei geschaaft gëtt, kritt eng kloer émrasse Missioun. D'Organer, déi virgesi sinn, sinn déiselwecht wéi bei deenen aneren Établissements publics vum Secteur vun der Santé an de Contrôle ass och deen, wéi en an deene leschte Jore bei den Établissements publics virgsinn ass, wou ënner anerem, dat huet de Rapporteur ervirgehewen, och drasteet, dass déi Beamten, déi am Verwaltungsrot vun den Établis-sements publics sinn, net selwer deen Établissement public an deem Ministère de tutelle, deem en ënnersteet, därfe kontrolléieren. Et muss also do eng kloer Tren-nung gemaach ginn.

Et ass virgesinn, dass den Établis-sement public d'Scholde vun där aler A.s.b.l. Rehazenter iwwerhëlt. Do hat de Conseil d'État e puer Problemer. Hien huet sech awer net formell opposéiert. An ech ge-sinn och net, an d'Kommissioun huet dat och esou gesinn, wéi et kënn aneschtens geschéien. Et kann ee jo net all Rechter vun en-ger bestehender Personne juri-dique de droit privé iwwerhuelen, ouni dann d'Scholden ze iwwer-huelen. Wann een den Actif iwwer-hëlt, muss een och d'Scholden iw-erhuelen, an dat kann awer nëm-me geschéien doduerch dass et och formell hei an den Text age-schriwwé gëtt, an och déi Disposi-tiounen huet d'Kommissioun kloer approuvéiert.

Et ass och gesot ginn, an dat muss een dann och ervirhiewen, dat ass mäi leschte Punkt, dass an Zukunft och déi finanziell Situatioun vun deem neie Rehazenter ofgeséchert ass, doduerch dass e mat der Union des Caisses de Maladie déi-selwecht Konventionnen trëfft wéi déi aner Spideeler, dass en also och ënnert d'Budgetisatioun fält, esou wéi déi aner Spideeler och.

Zum Schluss, mengen ech, wier et och gutt, dass haut dee Schluss-stréch gezu gëtt. Et sinn iwwer 200 Leit, déi all Dag an der Moyenne am Rehazenter betreit ginn, a mir wëssen ënner wéi enge schwiere-ge Situationnen dat haut geschitt.

Dofir ass et noutwendeg fir dass endlech déi nei Installatiounen, deen neie Rehazenter kënn, deen och esou ausstafféiert ass, dass en deenen Erfuerdernisser Rechnung dréit. An ech bréngen dofir och den Accord vu menger Fraktioun.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Mars Di Bar-tolomeo agedroen. Den Här Di Bar-tolomeo huet d'Wuert.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech wäert net laang op déi Diskussioun vun de Moien zrëckkommen.

■ Une voix.- Très bien.

■ Une autre voix.- Net laang!

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Net laang, hunn ech ge-sot. Ech fannen dat allerdéngs schonn e staarkt Stéck, dass de Gesondheitsminister, dass seng Regierungskollegen a seng Kol-leegen aus der Majoritéit sech géi-gesäiteg op d'Schëller klappen, dass se haut, sechs Méint virun de Legislativwahlen, mam Projet Re-

hazenter genee op deem Punkt ukomm sinn, wou déi lescht Regie-rung scho viru véier an engem hall-we Joer stoung.

(Interruptions)

Ech bedauern och, dass de Moien eenzel Spriecher vun der CSV, vun der DP, an trauter Ein-tracht mat dem ADR, fir d'LSAP ze treffen, de fréiere Site am Süde mat engem Lach, als polluëiert oder als dem Honn hanne bezeechent hunn. D'Leit aus dem Süde soe merci. Wa mer déi Gedanke géifen eescht huelen, da misste mer d'Fri-chen am Süden, déi jo elo nei ent-deckt gi sinn a wou déi Problemer, déi een op anere Plazen am Süden op Frichen erëmfënnt, sech och erëmfannen, da misst een déi Fri-chen zoutippen. An dat mengen ech wär net am Sënn vun eis alle-guer an dat wär och net am Sënn vun enger wuelverstanener Dezen-traliséierung am Süden.

Zum Projet, deen eis haut de Mët-teg virläit, ass zu Recht ënner-strach ginn, an deem objektive Rapport vum Alexandre Krieps, dass de Projet d'Struktur schaaft fir de Bau vum Rehazenter ze suivéie-ren, fir d'Gestioun an och herno d'Exploitation vum Rehazenter ze sécheren. Den Établissement pu-blic wäert d'A.s.b.l. Rehazenter ofléisen, déi vun der viregter Re-gierung d'Missioun kritt hat fir de Projet Rehazenter ze preparéieren, de Projet bauräif ze maachen an och ze suivéieren, an ech mengen et ass haut d'Geleeënheet fir dee-ne Leit, déi Membere vun där A.s.b.l. Rehazenter waren an nach am Moment sinn, bis dass den Éta-blissement public geschafen ass, merci ze soe fir deen Engagement iwwer eng Rei Joren, wou hir Aar-becht net ëmmer einfach war.

A mir erënneren eis dorun, dass, nodeems de Standortwiessel komm ass, et an deser Chamber oder ronderëm des Chamber zu méi onschéinen Diskussiounen komm ass, wou d'A.s.b.l. Rehazen-ter staark kritiséiert ginn ass a wou mer mat Ennerstellungen ze dinn haten, dass déi Aarbechten, fir déi d'A.s.b.l. zoustänneg war, vläicht net esou ganz koscher gewiescht wären, an et ass dofir gutt nach eng kéier drun ze erënneren, dass des Chamber déi A.s.b.l. wäiss-gewäsch huet an drop higewisen huet, dass an deem dote Gremium wou - an dat ënnersträichen ech hei, well dat net ëmmer esou eriw-werkomm ass - keng Politiker sou-zen, mä Vertrieder vun eise Spi-deeler souzen, wou de Lien sollt geschafe ginn tëschent de Spidee-ler an deem ze schafende Reha-zenter fir sécherzestellen, dass...

(Interruption)

Wat gelift?

■ M. le Président.- Fuert wei-der, Här Di Bartolomeo.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Also, wou keng Politiker dra waren, wou d'Presidente res-pektiv d'Vertrieder vun de Spidee-ler dra waren, a wann d'Politiker um Pabeier stoungen, dann hunn déi sech eng Eier doraus gemaach fir net un deene Verwaltungsriëts-etzungen an an deem Verwaltungsrot deelzehuelen. Deene Leit ass et ëm d'Saach gaangen, an ech men-gen, dass, nodeems se 1999 fest-gestallt hunn, dass se eng Rei vu Jore geschafft haten an duerno erëm vu vir hu missen ufänken, ass et hinnen héich unzerechnen, dass se deemools net d'Bengele bei d'Tromm gehäit hunn an dass et hinnen ëm d'Saach gaangen ass, an dass si duerfir gesuergt hunn, dass, och wann de Projet op en-gem anere Site weidergeplangt ginn ass, dass se weidergemaach hunn. Well wann et do zu engem Ophale komm wär, da wäre mer sé-cher net haut op deem Stand wou mer ukomm sinn.

Ech hoffen, dass, nodeems déi A.s.b.l. opgeléist gëtt, mer et fäer-deg brénge wäerten dee Lien mat de Spideeler ze halen. Am Établis-sement public ass jo e Conseil

scientifique virgesinn, deen dat ka garantéieren, dee Lien zu de Spi-deeler, well et ass jo elo eng raim-lech Unnäherung komm tëschent deem grouse Spidol um Kierch-bierg an dem Rehazenter, an esou en nationalen Zenter ass ganz sen-sibel. Dofir ass et wichtig, dass sé-chergestallt gëtt, dass all Spideeler hir Patienten an deen Zenter dra-schécken an net gefaart gëtt, dass, wa se bis eng kéier an der Noper-schaft vun engem Spidol sinn, dass se net méi géife récupéiert ginn. Et soll een dat net op d'licht Schëller huelen. Och am Spidols-secteur, an dat weess de Minister, gëtt et esou eppes wéi Konkurrenz, och wann déi Konkurrenz net ëm-mer gesond ass, an et ass méi wichtig, dass een eng intelligent Aufgabendeelung mécht.

Zum Inhalt wëll ech net nach eng kéier an den Detail agoen, well de Rapporteur wéi och den Här Paul-Henri Meyers am Detail op eenzel Punkten agaange sinn. Ech wëll awer nach op ee Punkt agoen, deen zu Diskussiounen an der Kommissioun gefouert huet an och am Virfeld zu längeren Diskussiou-ne gefouert huet. Dat ass d'Diskus-sioun iwwer méiglech Antennen zu engem Rehazenter.

Dir wësst, dass wéi den ursprüng-leche Projet diskutéiert ginn ass, fir de Friden am Land hierzestellen, bei deem sou genannten exzen-tresche Projet Antenné virgesi wa-ren an der Stad Lëtzebuerg an am Norden. Mir hu festgestallt, dass bei deem jëtzege Projet, deen am Zentrum soll gebaut ginn, keng An-tenné méi fir de Süden a fir den Norde virgesi sinn, an dofir ware mer e bëssen iwwerrascht wéi mer am Projet iwwert den Établis-sement public d'Méiglechkeet fir déi Antennen ze schafen erëmfonnt hunn. Dem Conseil d'État ass dat och opgefall, wat zu enger Diskus-sioun dann an der Kommissioun gefouert huet, an dunn huet d'Ma-joritéit an der Kommissioun dann décidéiert oder proposéiert fir d'Méiglechkeet vun den Antennen ewechzeloossen. Ech muss lech soen, ech hätt kee Problem domat gehat fir déi doten Dier opzeloos-sen. Allerdéngs hätt een dann och missen de Projet selwer mat där Méiglechkeet vun Antennen an Aklang bréngen.

Dann en zweete Punkt, deen ech kuerz wollt sträifen, dat ass dee wou am Text iwwert den Établis-sement public séchergestallt gëtt, dass de Stat dem Établissement public déi benéidegt Terrainen zur Verfügung stellt. De Stat stellt déi Terraine gratis zur Verfügung. De Stat huet déi Terrainen awer zum Deel misse kafen. En huet se kaaft vum Fonds d'urbanisation de Kirchberg, en huet se kaaft vum Hospice civil respektiv der Stad Lëtzebuerg an en huet dofir en ugemiesene Präis misse bezie-len, an hei, Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ginn ech awer den Androck net lass, dass hei am Land ëmmer nach zweeërlee Mooss a Gewicht ugewannt gëtt, jee nodeem ob e Projet op där en-ger Plaz oder op enger anerer Plaz realiséiert gëtt, an ech explizéiere mech.

Bei deem viregte Projet war et vir-gesinn, dass d'Gemeng deen Deel, deen hir gehéiert huet, hätt missen an de Projet erabrénge, och d'Viabilisatiounskäschten hätt missen iwwerhuelen. Dat ass eppes wat diskutabel ass. Mä wann een et diskutéiert, da soll een et wann ech gelift op alle Plazen d'selwecht maachen, an ech men-gen et kann net esou sinn, dass ee mat där gréisster Selbstverständ-lechkeet vun der Welt, wann en na-tionale Projet am Zentrum oder an der Hauptstadt realiséiert gëtt, dass een da seet: Selbstverständlech stelle mer d'Terrainen zur Verfü-gung, an dass, wann en nationale Service an der Provënz implan-

tiéiert gëtt, een da seet: Do mussen d'Gemengen da Geld an d'Terrai-nen investéiere fir domat merci ze soen, dass een hinnen de Gefale mécht fir déi Dezentraliséierung ze maachen.

(Interruptions)

Ech mengen, dat ass eng Diskus-sioun wäert. Ech fäerten, dass déi Iddi vun der Dezentraliséierung nach net bei jiddferengem esou a Fleesch a Blut iwwergaangen ass, dass ee ka soen, Dezentraliséie-rung heescht, zu deeneselwechte Konditiounen dat op deene ver-schiddene Plaze maachen ze mis-sen.

Dann ee Punkt, deen esouwuel vum Rapporteur wéi och vum Här Paul-Henri Meyers ugeschwat ginn ass, dat ass dee vum Statut vum Personal, wou ee muss soen, dass des Regierung sech a ganz kloer Widderspréch verstréckt. Den Här Paul-Henri Meyers huet drop higewisen, dass bei deem leschte Gehälteraccord mat der CGFP oder mat der Fonction publique of-gemaach ginn ass, dass an Zu-kunft fir bestoend Établissements publics a fir nei ze schafend Éta-blissements publics de Statut pu-blic fir d'Personal geséchert géif ginn. Dat war eng Fuerderung vun der CGFP, wou ee sech muss d'Fro stellen, ob de Paul-Henri Meyers da Recht huet, dass d'CGFP eng Fuerderung géif stellen, déi an eenzelne Secteuren dozou géif féieren, dass d'Personal herno méi schlecht drun ass wéi virdrun. Et ass eng Fro, déi ech mer stellen, mä déi hie wahrscheinlech ka beäntworten.

Dat heescht also, datt mer bei der Schafung vun dësem Établis-sement public mat der Situatioun konfrontéiert waren, dass d'Regie-rung op där enger Säit e gëllegen Accord salarial getraff huet, wou gesot gëtt, ganz besonnesch bei zukünffegen Etablissementser kritt d'Personal de Fonctionnairesstatut, dann awer gläichzäiteg higeet, en neien Établissement public schaaft, wou d'Personal net de Sta-tut public huet. Mir waren also, mengen ech, an eisem Rôle, dass mer drop higewisen hunn, dass do iergendepes net klappt. Mir hate gemengt, mir géifen eng Äntwert kréien an der Kommissioun, well de Statssekretär fir d'Fonction pu-blique eis gesot hat, de 14. No-venber géif d'Regierung zesum-mekomme fir dann doriwwer ze dé-cidéieren, wat se mam Accord sa-larial géif maachen.

Bon, ech mengen, mir hätten d'Antwort mat dësem Projet kritt. Et gesäit esou aus wéi wann d'Regie-rung den Accord salarial mat der Fonction publique net wëilt respek-téieren, well soss hätt se hei eng aner Solutioun missen huelen. Hei ass de Gesondheitsminister man-ner dervu beträff, mä ech mengen, et sinn aner Leit, déi verhandelt hunn. Wann een esou eppes aus-handelt, da muss een, mengen ech, bei der éischter Geleeënheet et an d'Praxis kënnen ëmsetzen an den Accord réaliséieren, oder wann ech gelift soen, mir hunn hei eppes ausgehandelt, wat mer net réaliséiere kënnen, an da mat der representatiivster Gewerkschaft erëm Récksprooch huele fir dann ze soen: Wat maache mer amplaz?

Et ass op jiddefall esou, wéi mir eis dat virgestallt hunn, a mir sinn net eleng, well et gëtt - de Muere si vill Zitater gebraucht ginn - Zitater vu ganz bekannte Politiker aus där Partei, déi den Accord ausgehan-delt hunn, déi gesot hunn pacta sunt servanda, oder an anere Wier-der versprach ass versprach a gëtt net gebrach. Hei musse mer awer soen, dass dat Versprechen, dat komm ass, net gehale ginn ass.

Esouwäit zum Projet. Mir sinn also haut um legislative Plang um Enn vun enger Prozedur ukomm, déi mir net kënnen novollzéien, well - an ech mengen, dat soll een awer nach eng kéier soen an dësem Ze-summenhang - demokratesch ge-fällten Décisiounen op d'Kopp ge-heit gi sinn a well - de Minister huet

de Muere gesot, fir hien hätt de Pa-tient ëmmer am Mëttelpunkt gesta-nen, fir aner vu senge Kollegee steet de Steierzueler am Mëttel-punkt - duerch déi Décisiounen, déi hei gefall sinn, muss ee soen, dass de Patient vill méi laang huet missen op déi wierklech noutwen-deg Struktur waarden.

De Paul-Henri Meyers huet dat esou gesot wéi et ze soen ass, et ass héich Zäit, dass déi doten In-frastruktur kënn, dat heescht de Patient huet méi laang missen do-rop waarden an de Steierzueler muss vill méi déif an d'Täsch gräi-fen.

Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Betten-dorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

■ M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischte wëll ech eisem Rapporteur, dem Här Alexandre Krieps, merci soe fir säin ausgezeechente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech sinn och besonnesch frou doriwwer, well en d'Bermierkung doriwwer gemaach huet, dat mir am Laf vun eisen Dis-kussiounen, deene villen Diskus-siounen, déi mer gefouert hunn, net iwwert den Dr Grenot a seng Leit vun Hamm geschwat hunn, déi et awer wierklech verdéngt hunn, dass se och hei ernimmt ginn. Ech fannen et gutt, dass dat geschitt ass. Dat sinn och déi Leit, déi gekämpft hu fir de Rehazenter op eng Plaz ze kréien, wou en hige-heiert. Si sinn net genuch gewier-degt ginn, an dofir sinn ech frou, datt den Alexander Krieps dat ge-maach huet.

Ech sinn och besonnesch frou do-riwwer, dass den Här Paul-Henri Meyers de Rôle vun der Stad Lët-zebuerg duergestallt huet am Ent-stoe vum Rehazenter zu Hamm, wéi dat Ganzt gelaf ass, dass d'Stad Lëtzebuerg e grouse Mé-rite dorunner hat, deen awer och an den 90er Joren op eemol net méi bestanen huet oder deen et net méi hätt solle ginn. Et war och ganz richtig, dat nach eng kéier de Mëtteg hei ze presentéieren.

Bon, ech verstinn, dass de Kolleeg MDB e bëssen traureg ass, dass et net gaangen ass wéi hien et gär gehat hätt, mä ech kann en awer berouegen. Wa mer hei am Land e Referendum iwwert déi dote Pro-blematik duergefuert hätten, da wësse mer jo alleguer wéi et aus-gaange wär. Dofir, Här Mars, sidd doriwwer net ze vill traureg.

(Hilarité)

Sidd net ze vill traureg doriwwer, et ass eng gutt Décisioun, déi gefall ass.

De Moien hu mer iwwert dat Finan-zéierungsgesetz geschwat. Mir hu wäit ausgeholl, de ganzen Histo-rique gemaach, d'Odyssee vum ganze Projet. Awer eppes hat ech mer net erwaart, dass ee vun eis géif esou wäit goen, dass e bis bei Christi Gebuert gaangen ass fir den Historique ze maachen. Dat war mer nei, dorobber wär esou-guer ech net komm.

(Hilarité)

Also, dat war schonn derwäert fir dat esou ze kucken. Op alle Fall si mer frou, dass dat Kapitel elo eriw-mer ass an dass mer elo no vir ku-cken a versichen dem neie Reha-zenter déi beschten ugepasste Forme juridique ze gi fir kënne beschstens ze fonctionnéieren am Intérêt vun de Patienten.

Vläicht muss ech hei soen, den Här Mars Di Bartolomeo huet gesot, e géif hoffen, dass d'Spideeler mat agebonne bleiwen an der Gestioun vun dem Rehazenter. E weess jo awer genausou gutt wéi ech, dass de Conseil d'administration sech zesummesetzt aus 13 Membres ef-fectifs an 13 Membres suppléants, dat si sechs Membres représentant chacun un des hôpitaux généraux,

proposé par l'organisme gestionnaire de l'hôpital spécifique. Also sinn déi national Spideeler, déi sechs Stéck, alleguerter mat agebonnen. Et ass also gutt gewiescht fir dat vläicht nach eng kéier hei ze preziséieren, net datt ee kënnt dobaussen unhuelen dat war net esou.

Et si fënnef Membere vun der Regierung, déi derbäi sinn. Dovunner sinn der zwee, pour représenter plus particulièrement les intérêts des usagers. Dann ass ee Membre proposé par le Conseil médical de l'établissement an un membre représentant le personnel non-médecin, proposé par les délégations du personnel. Also, déi Personalverriedung an deem Conseil d'administration ass scho gutt geregelt.

Bei dem Projet vun haut de Mëtteg geet et also net ëm de Bau an d'Finanzéierung, mä eenzeg an eleng ëm d'Kreatioun vun engem Établissement public fir dës Rehazenter. An den 90er Joren ass gemengt ginn, eng A.s.b.l. wär déi beschte Form fir dësen Zenter ze bauen an ze exploitéieren. Dofir gouf d'A.s.b.l. Rehazenter 1996 geschaf fir de Bau, d'Exploitation an de Fonctionnement vun Rehazenter ze assuréieren. Deemools, 1996, war et jo nach de Rehazenter zu Diddeleng, bis datt de Règlement grand-ducal den 18. Abrëll 2001 en neie Spidolsplang opgestallt huet, deem d'Implantatioun vum Zenter um Kierchbiereg virgesinn huet. Och dës Projet gouf der Rehazenter-A.s.b.l. uvertraut, wat e Vertrauensbeweis fir déi Leit duerstellt, déi a puncto Rehazenter bis haut gutt Aarbecht geleescht hunn. Si hate jo och d'Geleeënheet am Laf vun der Zäit eng gewëssen Erfahrung an dësem Domän ze sammeln, wéi jo och aus den Ausféierung vum Minister Carlo Wagner de Moien erausgehéiere wor.

Et ass also keen Désaveu fir d'Membere vun der A.s.b.l. an et ass hinnen héich unzerechnen, datt si mat hiren Aarbechte weidergefuert sinn, wëssend datt eng nei Structure juridique d'A.s.b.l. géif ersetzen, datt si an enger kuerzer Zäitspann och hei nach weider ouni Netz geschafft hunn, wat hir Verantwortung ubelaangt. Si hu Bagere bestallt a si verdéngen dofir e grouse Merci. Hir Attitud beweist awer och hiert Vertrauen an de Gesondheitsminister an an dës Regierung.

D'Iwwerleeung fir awer eng nei Structure juridique ze schafen, déi méi appropriéiert ass fir d'Gestioun vun dem nationale Rehazenter ze iwwerhuelen, ass an der Gesondheitskommissioun mat Verständnis entgéintgehooll ginn. Mir all heibanne wësse wéi an der leschter Regierung vill vum Stat ënnerstëtzt A.s.b.l. en a Veruff gerode waren, och de Fait, wéi an dësem Fall en Établissement public géré selon le droit privé ze schafen, ass an der Kommissioun positiv bewäert ginn. Dat ass jo näischt Exceptionnelles, et ass d'Fortféierung vun deem wat am Spidolsweise gängig ass. Dat gëtt et schonns, dat ass schonn hei gesot ginn, beim Centre Hospitalier, beim Centre thermal vu Mondorf an och beim CHNP zu Ettelbréck.

Déi Fro, déi opgeworf gouf, notament vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, ass déi vum Statut vum Personal. D'Statsbeamtekummer berëfft sech op den Accord salarial, deem den 21. Mäerz tëschent der Regierung an der CGFP ausgehandelt gouf. An deem Accord steet effective-ment, datt an all Établissement public d'Personal misst de Beamtestatut kréien. An dësem Fall, wéi eben och an deenen aneren opgezielten Établissements huet d'Personal awer e Contrat de droit privé, och wann dat, wat se zum Beispill verdéngen, praktesch identesch ass, well se iwwer e Kollektivvertrag déiselwecht Émolumenter kréien.

Hei an der Chamber gouf och schonn iwwert dës Fall diskutéiert. Déi eng hu gemengt, et

misst e rigid Gesetz komme fir d'Personalfroen an den Établissements publics ze regelen. Anerer zum Beispill, ech zitieren hei de Fraktiounschef vun der CSV, den Här Lucien Weiler, huet gemengt, et wär méi richtig Richtlinn fir d'Établissements publics ze schaffen. Dat misst duergoen an ech denken, ech si ganz bestëmmt darselwechter Meinung, wéi dat wat den Här Weiler hei an der Chamber schonn eng kéier gesot huet.

Et muss een och allgemeng bedenken, datt am Spidolssektor mëttlerweil eng ganz Partie Net-Lëtzebuerger beschäftigt sinn. Ouni déi Leit, déi do schaffen, déi net Lëtzebuerger sinn, géif eist Spidolswiesen iwwerhaupt net fonctionnéieren an et kann ee se dofir och net alleguer Fonctionnaire oder Statsbeamte maachen. Et ass net opportuun fir bei all Établissement public op de Wee vun dem Fonctionnairestatut ze goen. Menges Wëssens no gëtt et do elo e Konsens tëschent der Regierung an der CGFP a mir wäerten doriwwer geschwënn opgekläert ginn.

Ze soen ass nach, datt mat dësem Projet d'Scholden, déi d'A.s.b.l. Rehazenter nach huet, ronn 520.000 Euro, heimadder ofgedeckt ginn. En plus kritt den Établissement public eng Dotatioun vu 4,6 Milliounen Euro iwwert de Spidolsfong fir d'Spidolsinvestisements, fir déi Fräen, déi der UCM net opposabel sinn. D'Fonctionnementskäschten an d'Personalkäschte gi jo vun der Union des Caisses de Maladie iwwerholl.

Här President, de Statsrot wollt, datt d'Missioun vum zukünftege Rehazenter nach sollte weider preziséiert ginn, wéi zum Beispill fir d'Familljemembere vun de Patienten. Déi sollen eng Formatiou vum Personal am Rehazenter kréien, fir dem Patient seng Réadaptatioun a sengem gewinnnten Ëmfeld ze erliichteren.

An der Gesondheitskommissioun wore mer der Meinung, datt een am Kader vun dësem Projet de loi net sollt esou wäit an den Detail goen, d'autant plus well am Laf vun der Zäit ganz bestëmmt nach nei Aufgabe wäerten derbäikommen. Wann een ze vill an engem Gesetz an den Detail geet an dat Geréngst ännert nëmmen, da muss een erëm en neit Gesetz schreiwen, da muss erëm nei légiféréiert ginn. E Gesetz soll de Kader setzen a sech net an Detailer verléieren, déi zum Beispill kënnen iwwer Règlement grand-ducal einfach preziséiert ginn. Och hätten an dësem Fall erëm déi supplementär Fräe vun der Union des Caisses de Maladie misse gedroe ginn. Et ass also besser hei virsiichteg ze sinn an an dësem Fall beim Regierungstext ze bleiwen. Dat hu mer op alle Fall an der Kommissioun esou proposéiert.

Här President, mir als Demokratesch Partei si mat dësem Projet de loi averstanen. Mir si frou, datt de Rehazenter elo endlech aus den Diskussiounen wäert erauskommen, datt a kuerzer Zäit de Rehazenter am Dëngscht vun de Patienten wäert do stoen an datt mer hei och déi Forme juridique fonnt hunn, fir eng anstänneg Gestioun ze garantéieren. Op alle Fall soen ech lech merci fir d'Nolauschteren a mir als Demokratesch Partei wäerten dës Projet de loi selbstverständlech stëmmen.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem honorabelen Här Krieps merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Ech war leider de Moien net hei, ech konnt net participéieren. Ech hunn héieren, datt d'Debatte vun haut de Moie ganz polemesch waren. Ech géif dat dann elo wëlen, wann Der erlaabt, nohuelen.

(Interruptions diverses)

An ech wëllt gär mäi Pefferkär hei mat afléisse loosse a verschidden hefteg Kriticken hei ausschwätzen.

Eis dräi Regierungsparteien hu sech an dësem Dossier Rehazenter net mat Ruhm beräichert. Ech soe bewosst eis dräi Regierungsparteien, dat heescht déi zwou, déi d'Verantwortung hunn, an déi drëtt, déi mat hinnen ënnert darselwechter Decke läit, mam Motto: „Gleiche gesellen sich zu Gleichen, Gegensätze ziehen sich an solange sie sich erkannt haben“. A mir kennen alleguerten déi allergréisste Léift, déi dës Parteien eng fir déi aner huet. Si sinn alleguerte frou mateneen, haaptsächlech awer si se frou mateneen, wa se an e Kouhandel verweckelt sinn.

De Rehazenter ass dann op de Kierchbiereg komm. De Statslaboratoire ass op Diddeleng komm. A mäi Fraktiounskolleeg, den Här Mehlen, huet gëschter jo betount, datt dës Situatioun, datt de Statslaboratoire op Diddeleng kënnt, ganz onglécklech wier, vu datt e ganz wäit ewech wier vun den Hauptzentren, vun den Hauptkliniken. An ech mengen da fir mäin Deel, datt de Rehazenter och guer net op de Kierchbiereg gehéiert.

Bekanntlech maachen eis Regierungsparteien an eis Regierung ganz vill Feeler, nom Motto: „Ohne unsere Fehler sind wir Nullen.“ An dësem Dossier hu si diskutéiert, si hunn debattéiert, si hunn traktéiert, si hunn décidéiert, si hunn déviéiert, si hu modifizéiert. Awer eppes hu se net gemaach, si hunn näischt bäigeléiert.

(Hilarité)

Dat hu mir haut de Moie bei deene polemischen Debatte gesinn.

M. Lucien Clement (CSV). - Dir waart jo net hei!

M. Jean Colombero (ADR). - Ech hu genuch héieren.

(Interruptions diverses)

Ech hunn e sechste Sënn, Här Clement. Haut de Moien ass hei ganz vill polemiséiert ginn, ganz vill gestriden, oder fir d'franséisch Wuert ze gebrauchen, d'Deputéierten hu sech ganz vill disputéiert, nom Motto: „In jedem echten Mann ist ein Kind versteckt, das spielen will.“

(Hilarité)

Här President, ech verstinn elo och firwat datt d'Leit dobaussen ëmmer soen, d'Parlament ass eng gréisser Spillwiss fir erwuesse Kanner. Ech hunn näischt dergéint, Här President, wann erwuesse Kanner spillen. Ech hunn awer eppes dergéint, wann dës Leit spillen um Bockel vun der Krankheet, um Bockel vu kranke Leit. De Rehazenter ass schonn iwwer 20 Joer am Gespréich, 20 Joer während deene ganz vill Leit, déi Accidenter haten, sief et op der Strooss, sief et doheem am Stot, sief et op der Sportsplaz, oder och Leit mat neurologesche Krankheeten, wéi zum Beispill e Schlaganfall, Multiple Skleros oder degenerativ Muskelkrankheeten, 20 Joer während deem dës Leit net déi besch, net déi optimal Fleeg kritt hunn.

Firwat? Et gouf op politeschem Plang keng kompetent a konsequent Décisioun fir de Bau vum Rehazenter geholl. A wa verschidde Leit Fleeg wollten hunn, da si se an d'Ausland gaangen, an dat op hir Spesen, fir sech do kréieren ze loosse.

Bedéngt duerch Kouhandel, duerch ëmstridde Standuertbestimmungen, déi reng elektoral Virdeeler brénge sollten, sinn an dësem Dossier Joren a Jore vergaangen. D'Bierger am Land hunn net vun enger optimaler Betreierung profitéiert a verschidde Politiker hu

sech net vill Gedanken gemaach. Jidderee wollt sech en Denkmal setzen. All Politiker ouni Ausnahm, an ech wëll hei keng Nimm nennen, all Politiker, déi sech bei dësem Dossier profiléiere wollten an d'Gesondheet vun de Leit dobaussen, vun de Bedürftigen, vun de kranken a verletzte Leit, déi dës Leit bewosst lénks leie gelooss hunn a bewosst vergiess hunn, stelle mir als ADR eng säfteg Null aus. Esou Politiker brauche mir net hei am Land. Esou Politiker, déi net d'Interesse vum Vollek vertrieeden, gehéiere weder an d'Parlament nach an d'Regierung. Mat der Gesondheet mécht ee keng Politik.

Leider gouf an dësem Dossier iwwer 20 Joer Politik mat der Gesondheet vun de Leit gemaach. Onverständlech an net nozevollzéien ass déi permanent Roserei vun de Sozialisten. Onverständlech ass och, dass den 19. November vun dësem Joer an der Gesondheitskommissioun verschidde Membere vun dëser Kommissioun weinst anere parlamentareschen Obligationen d'Sitzung verlooss hunn an esou d'Gesondheitskommissioun net méi weider tage konnt, esou datt d'Sitzung opgehuewe gouf. Dat ass de Geescht mat deem mir eis als ADR net identifizéiere kënnen a mir protestéieren dogéint.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Här Colombero, den Här Bettendorf géing lech gär eng Fro stellen.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, ech si President vun der Santéskommissioun a vun der Sécurité-sociale-Kommissioun. Den Här Jean Colombero ass do dran. Hien huet Recht wann hie seet, dass mer eng kéier eng Sëtzung ënnerbrach hunn, awer mir sinn deen aneren Dag moies zesummekomm fir mat där Sëtzung weiderzefueren, an ech muss lech soen, deen, deen am meeschte feelt an der Santéskommissioun ass den Här Jean Colombero.

(Brouhaha général)

M. Jean Colombero (ADR). - Wann ech feelen, da ginn ech ersat, Här Bettendorf.

Mir sinn als ADR frou, datt dës Rehazenter endlech konkret Konturen ugehooll huet, obschonn dës Regierung bal fënnef Joer gebraucht huet an am éischte Gang gefuert ass. Dat ass keng würdeg Leeschtung.

Perséinlech hätt ech de Rehazenter am Norde vum Land gesinn, an enger naturbeloossener intakter Zon, mat vill Gréngs, Bësch a Wanderweeër, wäit ewech vum Stress, ewech vum Verkéier, fir dem Kierper an dem Geescht d'Méiglechkeet ze gi sech optimal ze regeneréieren.

Ech sinn net mat der Ausso vum Här Bettendorf d'accord, deen am Mäerz 2000 hei op dëser Tribün gesot huet, e Rehazenter gehéiert bei e grousst Spidol. Dat ass net wouer, Här Bettendorf. Et gesäit esou aus, datt wann d'Kongregationsspidol um Kierchbiereg iwwerfëllt ass, da versicht gëtt fir d'Patienten an de Rehazenter ze schleisen. Dat ass praktesch méiglech, dat ass awer net de Sënn vun engem Rehazenter. Fir mech ass e Rehazenter e Gesondheitszentrum mat Krankegymnastik a Bewegungstherapie, mat Waassergymnastik, mat muskulärem Opbautraining, Kardiotraining, Terraintraining wéi Walking an Jogging, Kraaftdiagnostik a Kraafttraining, Elektromyogramm monitoring, lokal a Ganzkierperkältetherapie mat Packungen, Wéckelen, Kneippgüsse, dann och Wärmbehandlung wéi Naturfango a Sauna, psychologesch Behandlung, Léiere mat Péng, mat Iwwerforderung an Depressiounen, déi duerch Krankheet bedéngt sinn, ëmzegoen.

Massagebehandlung wéi Bindegewebssmassagen, Extensiounsmassagen, Ennerwaassermassagen, Foussreflexzonemassagen, Lymphdrainagen, Balnotherapie, wéi Wellebadmassagen, Sprudelmassagen a Massagendüsen. Hydrotherapie wéi zum Beispill Loftsprudellecken, Whirlpool, Bieder mat medezineschen Zousätz, Ergotherapie, wéi fonctionnel Therapie, Gelenkschutztraining, Elektrophotherapie, Fototherapie, ärztlech Leeschtungen wéi Chiropraxis, Infiltratiounen, Akupunktur an Naturheilverfahren an ech kënnt weiderfuere mat zum Beispill...

(Interruptions diverses)

...Gesondheits- an Ernährungs-methoden. Dir gesitt wat alles do ugebuede ka ginn. Et muss ee just d'Iddien hunn, et muss een dat realiséiere kënnen. Mä ech denken net, dass dat hei am Rehazenter wäert gemaach ginn.

(Interruptions diverses)

M. le Président. - Loosst de Riedner schwätzen! Här Colombero fuert weider.

M. Jean Colombero (ADR). - Merci. Ech war iwwerrascht fir ze liesen am Avis vum Statsrot, datt am Rehazenter déi geriatresch Rééducation net virgesinn ass, well dës Rééducation enger anerer Institutioun géif zoustoen. Ech muss soen, dat verstinn ech awer net. Ech wëllt den Här Minister froen, ob eeler Leit, déi gelähmt sinn zum Beispill duerch e Schlag, och hei opgeholl ginn oder ob si net hei opgeholl ginn. Hei wëllt ech gären eng Prezisioun.

M. le Président. - Den Här Minister gëtt lech d'Prezisioun direkt.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir alles wat am Rehazenter sollt gemaach ginn, oder gemaach gëtt, war ech de ganze Moien hei fir op déi Froen ze äntwerten. De Mëtteg sollt iwwert e ganz anere Projet diskutéiert ginn, dat heescht, d'Forme juridique vum Rehazenter, mä ech mengen den Här Colombero ass do am falsche Film. Ech hätt et begréisst, wann hien de Moien hei gewiescht wär a wann hien de Mëtteg géif iwwert de Projet 5222 schwätzen, esou wéi all Mënsch dat hei gemaach huet. Et soll een do keng Ausnahme maachen. Mä et geet net, dass ee Mann eleng einfach den Ordre du jour op d'Kopp gehäit.

Merci.

M. Jean Colombero (ADR). - Ech weess awer net, Här Minister, wien hei wat op d'Kopp gehäit huet.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Passt op, Här Colombero, do kënnt een och viles soen.

M. Jean Colombero (ADR). - Jo, passt op wat Der sot!

(Hilarité)

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Ech lauschteren lech no.

M. Jean Colombero (ADR). - Jo, da lauschtert gutt no!

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale. - Ech ginn elo geschwé men-ger Weel!

M. Jean Colombero (ADR). - Ech kann net dofir wann Dir dës Projet zum Deel schonn haut de Moie behandelt hutt, well den Här Di Bartolomeo hei Polemik gemaach huet. Et deet mer Leed.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech géing ëm Är Opmierksamkeet bieden.

Loosst den Här Colombera schwätzen!

M. Jean Colombera (ADR).- Wat den Établissement public ugeet, Här Minister, do gesi mir an dëser Institutioun, wat de Gesondheitsberäich ugeet, kee Problem, well jo dëse Modell sech och am Centre hospitalier hei an der Stad, am Centre thermal zu Mondorf an am Centre hospitalier neuropsychiatrique zu Ettelbréck bewährt huet.

D'Personal, dat hei agestellt wäert ginn, huet de Statut vum Employé privé. Dogéint hat d'CGFP geduecht, jiddereen, deen hei schafft, misst den öffentleche Statut kréien, well et jo en Établissement public wär. Domat ware mir als Kommissioun majoritär net d'accord.

Interessant a kuriéis ass och de Fait, dass d'Association Rehazenter A.s.b.l. mat den Aarbechte schonn ugefaangen huet, awer nach keng finanziell Enveloppe zur Verfügung hat. Dës Enveloppe ass eréischt haut de Moien hei am Parlament genehmegt ginn. Hei ass d'Paerd vun hannen opgesuedelt ginn.

Dat gesot, Här President, mir wäerten eis Zoustëmmung zu deem Projet ginn, well eppes Positives sech um Terrain beweegt huet an deem ganze Blablabla, dee bis elo hei an dësem Dossier virgeherrscht huet, en Enn mécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Krieps, merci soe fir säin detailléierte Rapport. Hien huet am Fong alles gesot an et ass och kloer, datt mir als Gréng wäerte fir dëse Projet stëmmen.

Wa mer de Moie beim Vote eis enthalen hunn, dann huet dat näischt ze di gehat mam Prinzip um Rehazenter, dee mer selbstverständlech ënnerstëtzen, mä mat deem Gesamtpackage, deen eis de Moien hei virgeluecht ginn ass, a mat där globaler Diskussioun ëm de Spidolsplang an d'Spidolsinvestitiounen, esou wéi ech se de Moien hei gefouert hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, déi be- traffe Leit, déi eng medezinesch Rehabilitatioun brauchen, waarde bekanntlech elo schonn zënter vill ze vill laange Joren op d'Realisatioun vun dëser Rehaklinik. Déi onendlech Geschicht, déi onendlech Polemik tëschent der DP, LSAP an CSV an dat onendlech parteipolitescht Trauerspill ëm dëse Rehazenter hunn haut de Moien an haut de Mëtteg hei an der Chamber mat e puer cabaretsräifen Optretter vu verschiddene Parteisprächer hire virleefegen Héichpunkt erreecht.

Ech muss soen, datt déi ganz Polemik oder nach seelen eng Polemik ëm e Projet mer esou zum Hals eraushängt oder zum Hals erausgehaangen huet, wéi grad déi Polemik ëm dëse Projet, an ech mengen, datt et mir net eleng esou domadder geet. Loosse mer dofir endlech am Intérêt vun de Patiente mat deem ganzen onrühmlechen Theater ophalen an dee ganze Sträit ëm de Rehazenter endlech begrüewen an elo dëse Projet beschléissen a bauen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Niki Bettendorf huet d'Wuert nach eng kéier gefrot.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech wollt nach eng kleng Bemierkung maachen, eng ganz kleng. Den Här Colombera huet sech elo agesat gehat fir de Rehazenter an d'Éislek. Dat war mer nei. Mä hien huet och gesot,

dass e Rehazenter net brauch bei e grousst Spidol ze kommen an dass ech ëmmer dorobber insitéiert hunn.

Ech kann him just soen, dass op Grond vu menger Erfahrung dat ganz richteg ass. Ech selwer hunn eng nei Héft kritt an ech war an engem Rehazenter an do ass déi Héft mer erausgesprongen. A wat huet misse geschéien? Et huet missen eng Ambulanz kommen a mech dréngend an eng Klinik féieren. An ech war frou, dass déi Klinik no bäi war, Här Colombera. Ech war frou, dass ech net hu missen en Helikopter komme loosse fir mech wäit ze féieren. Ech war frou, dass eng Klinik disponibel war an direkt do war, fir kënnen ze hëllefen. A wat mir geschitt ass, ass schonn dausende Leit geschitt, an dofir gehéiert - an ech sinn honnertprozenteg dovun iwwerzeegt - e Rehazenter bei eng anstänneg, gutt equipéiert, gutt fonctionnéierend Klinik.

Une voix.- An den Här Meyers seet merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt dem honorabelen Här Krieps, dem Rapporteur vum Projet 5222, félicitéiere fir dee gudden verbalen an awer och schrëftleche Rapport.

Ech mengen hien huet déi meescht Saache schonn ugeschnidden. Et erlaabt mir fir nach just ganz kuerz vläicht op e puer Punkten anzugeen. Dat Alleréischt mengen ech wat richteg ass - an et hunn zwee Riedner et gemaach -, dat ass der Reha-A.s.b.l. merci ze soe fir déi formidabel Aarbecht. Dat bestätegt mir och, dass ech Recht hat am Ufank, wéi déi Reha-A.s.b.l. scho bestanen huet, wéi ech an d'Amt komm sinn, dass ech net Change- menter virgeholl hunn, wéi verschidden anerer dat gemaach hunn. Rétrospectivement kann ech soen, dass ech op alle Fall Recht hat. De President, den Här Rech, mat der ganzer Équipe huet effectivement formidabel Aarbecht gemaach. Dofir e grouse Merci och un hien.

Et ass och hei e wéineg iwwert d'Suerg geschwat ginn, dass an Zukunft déi Leit, déi Mériten hunn, net sollte komplett elo aus dem Rennen erausgeholl ginn. Dat wäert ouni Zweifel net geschéien. Et ass schonn drop higewise ginn, dass sechs Leit, oder dass déi sechs Haaptspideeler hei zu Lëtzebuerg weider am Conseil d'administration représentéiert sinn. Doriwwer eraus kann een iwwert de Conseil scientifique och nach aner Leit matabezéien.

Et ass och d'Wuert geschwat ginn de Mëtteg vun den Antennen, vu verschiddenen Amendementer, déi virgedroe gi sinn, deenen ech alleguer- te kann integral zoustëmmen. Besonnesch ass geschwat ginn iwwert dee vun den Antennen, déi initialement am Projet virgesi waren. Och dat stéiert mech net, dass se erausgeholl gi sinn. Et ass jo esou, dass mer am Plan hospitalier 75 nei Better souwisou scho virgesinn hunn, fir d'Rééducation gériatrique an deene verschiddene Spideeler. Wa mer se initialement an den Text gesat haten, da war dat zukunfts- weisend fir wann eng Vergrësserung, déi zwar um Kierchbiereg och méiglech ass, mä wann eng weider Vergrësserung néideg gewiescht wier, dass mer dann och hätte kënnen op Antennen zrëckgräifen ouni d'Gesetz missen ze änneren. Mä wéi gesot, mech stéiert et net fundamental.

Vläicht awer nach ee Punkt zu deem berühmten Accord, dee mat der CGFP ofgeschloss gouf, dat heescht den Artikel 9, deen zrëck- behale ginn ass am Accord salarial. Ech muss soen dass dat Gesetz hei a mengen Aen absolut net deem Accord widderspricht. A fir

déi Leit, déi beispillsweis virgëscher an der Conférence des comités dem Generalsekretär vun der CGFP anstänneg nogelauschert hu respektiv sech ëmfrot hu wat e gesot huet, wëll ech dat vläicht zur Mémoire bréngen, dass dee gesot huet, dass an der Tëschenzäit sech awer erausgestallt huet, dass net kann alles op ee Leescht gezu ginn, mä dass een Ofmaachungen esouguer muss relativéiere fir spezifesch Situatiounen Rechnung ze droen. De Generalsekretär vun der CGFP huet och drop higewisen, dass op Grond vun deem Brëif vum 27. November un d'Regie- rung, d'Regierung elo schonn an intensiven Négociatiounen ass mat der CGFP fir dee Punkt do voll ze clarifiéieren. An ech muss soen, am Geescht vun deem Artikel 9 vum Accord salarial steet deen heite Projet de loi honnertprozenteg. Et ass jo net wéi wann d'CGFP net aus verstännege Leit géif bestoen.

Wat war en fait hire But? D'CGFP wollt mat deem Artikel 9 verënnern, dass sollt eng schläichend Entfunktionaliséierung vu verschid- denen Domäne kommen. Si hunn awer beileiwen net dru geduecht fir d'Privatentreprisen ze verstaatle- chen. Hei si mer an engem Domän, dem Reha, deen de Moment 138 Employés privés huet an nach just 15 Employés communaux. Dat heescht an anere Wieder kann ee soen, et war bal en honnertprozen- teg Privatbetrib, wou zënter engem Jorzéngt soss näischt méi wéi Privatemployéen agestellt gi sinn. Also ass et och normal, dass mer op de Wee vun engem Établisse- ment public de droit privé gaange sinn. Ech menge mir verstoussen domadder absolut net géint deen Accord salarial.

Dat gesot, Här President, Dir Dam- men an Dir Hären, wëll ech all dee- ne Leit merci soen heibannen, déi dee Projet hei wäerte stëmmen, an et ass scho virdrun ugeklongen, ech mengen et ass héich Zäit, dass mer déi Situatioun hei clari- fiéiert hunn, dass mer de Problem endlech och vun A bis Z geléist hunn, et ass am Intérêt vun de Pa- tienten. An nach eng kéier: Déi Re- gierung hei huet bewisen, dass ee kann esou global Projeten an der Zäit vu véier Joer iwwert d'Bühn bréngen. Hätt virun där heiter Re- gierung jiddferen esou geduecht, da wär dee Rehazenter scho laang a Betrib. Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskus- sioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Arti- kelen vum Projet de loi 5222 a mir stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 14 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wie- ren domadder um Enn vun der Lecture ukomm a mir géngen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5222 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent- hale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen géint 13 Abstentiou- nen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie- Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San- ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Mag- gy Nagel, MM. Jean-Paul Rippin- ger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Colombera, Gast Gibé- ryen, Fernand Greisen, Jacques- Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean- Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gi- ra, Jean Huss, Mmes Dagmar Reu- ter-Angelsberg et Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Assel- born, Alex Bodry, Mme Mady Del- vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolo- meo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolo- meo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Habilitatioungsgesetz. D'Rie- dezäit ass nom Modell 1 festge- luecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Bodry, d'Madame Beissel, den Här Gibéryen an den Här Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Sauber.

3. 5253 - Projet de loi portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

Rapport de la Commission juridique

M. Marcel Sauber (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et also ëm dat sou genannte Vollmachtesgesetz oder d'Habilitatioungsgesetz. Dat heescht, et ass ee Gesetz, wat dem Groussherzog d'Vollmacht gëtt, ënner gewëssene Virausset- zungen, duerch groussherzoglech Reglementer bestoend Gesetzer ofzeänneren. U sech ass dat näischt Neies, well zënter 1946 déi do Prozedur scho regelméisseg all Joer gebraucht gëtt.

Et gëtt natierlech nëmme spärlech op d'Gesetz zrëckgegraff, an dann nach nëmmen, wann et justifiéiert ass. Déi leschte kéier, wou op dëst Gesetz zrëckgegraff ginn ass, ass à la suite gewiescht vun dem 11. September 2001, wou während engem Mount d'Statsgarantie age- sprongen ass bei de Fluggesell- schaften, well ebe privat Assuran- cen dunn net méi assuréiert hunn. Den Text, deen eis och hei virläit, ass deeselwechten Text, dee mer dat Joer virdrun haten.

Wat sinn elo d'Viraussetzungen ën- nert deenen de Groussherzog kann op esou e Gesetz zrëckgrä- fen? Éischens emol muss viraus den Avis vum Conseil d'État do sinn, och den Assentiment vun der Conférence des Présidents hei aus der Chamber. Et muss sech zwee- tens handelen ëm Mesuren, déi um wirtschaftlechen an um finanzielle Plang spillen. Drëttens muss d'Ur- gence constatéiert sinn. Véiertens ass d'Gesetz och limitéiert an der Zäit, sou datt deen heite Projet d'Li- mitt vum 31. Dezember d'nächst Joer, 2004, virgesäit. Da kënnen déi Reglementer selbstverständ- lech bestoend Gesetzesdisposi- tiounen emänneren, mat Ausnahm vun der Matière réservée à la loi duerch d'Konstitutioun. Déi Rege- menter, déi op Grond vun dësem Gesetz geholl ginn, bleiwen dann och esou laang en vigueur bis datt anescht disposéiert gëtt.

Och an enger moderner Gestiou- neng vum Stat ass net alles vir- auszegesinn. Do bleiwen ëmmer

nach Méiglechkeeten, datt onver- hofft wirtschaftlech a finanziell Si- tuatiounen sech presentéiere kë- nen, op déi ganz schnell muss kë- ne reagéiert ginn. An et ass just grad duerch d'Vollmachtesgesetz, dass dës Reaktioun méiglech ass. Am Prinzip dierft et och kee Pro- blem sinn, fir den Accord ze fan- nen zu esou engem Gesetz. Et ass vläicht méi am Detail, wou sech d'Geeschter heiansdo scheeden.

Den Nodeel ass zweifellos, datt all Joer mer hei virun d'Chamber mus- se komme mat esou engem Projet. Eng laangfristeg Léisung kéint iwwert d'Ofännerung vun dem Artikel 36 vun der Konstitutioun kommen. Déi Hoffnung ass och d'lescht Joer hei ausgedréckt ginn, datt mer dëst Joer deen Artikel do ge- stëmmt hätten. Mä do hu sech awer an der Zwëschenzäit eng Partie Problemer agestellt, be- dängt doduerch, datt d'Matière, déi am Artikel 36 soll behandelt ginn, relativ komplex ass a ganz komplizéiert, mat Implikatiounen op aner Artikelen, déi an der Kon- stitutioun och zur Ännerung stinn. Weider ass d'Problematik net méi einfach ginn duerch dat eent oder anert Uerteel, wat eben och iwwert d'Cour administrative komm ass.

Weider sinn och nach Implikatiou- nen do vun den europäeschen Di- rektiven, déi mat eraspillen an dee- selwechten Artikel, sou datt d'Na- vette tëschent der Chamber, dem Conseil d'État an der Regierung re- lativ oft hin- an hiergaangen ass. Et ass do eng Partie Denkaarbecht gemaach ginn, awer den Of- schloss steet de Moment nach aus. Wat ee ka maachen, dat ass d'Hoffnung zum Ausdrock brén- gen, datt dann awer an absehbarer Zäit d'Vollmachtesgesetz iwwerflës- seg gëtt, well eben dann dës Pro- blematik duerch d'Verfassung ka geregelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet ass déposéiert ginn an der Chamber de 27. No- vember. De Conseil d'État huet säin Avis positiv ofginn den 9. De- zember, an d'Commission juridique huet den 11. Dezember driwwer befaasst an de Rapport huet dee- selwechten Datum. De Rapport re- commandéiert dann och a senger Majoritéit, datt d'Chamber de Pro- jet an där Forme actuelle soll adop- téieren. Ech iwwerbréngen dann och heimat den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

M. le Président.- Als éisch- ten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä- ren, d'sozialistesche Fraktioun wäert wéi déi Jore virdrun dëst Vollmach- tesgesetz fir d'Joer 2004 net stëm- men. Mir stëmmen et net, well d'Regierung trotz formellen Enga- gementer och dëst Joer deesel- wechten Text presentéiert huet wéi déi lescht Joren, ouni eigentlech d'Aarbechten, déi mer an der Ver- fassungskommissioun gefouert hunn, ze berücksichtegen, ouni och déi Kriticken, déi mengen ech berechtigterweis an der Vergaan- genheet bei dësen Debatte geäus- sert gi sinn, an dem Text vun der Regierung ze berücksichtegen.

Politesch wéi och juristesche ass al- so dëse Regierungstext ufechtbar, an en ass an eisen Aen onzuläng- lech. Ech wëll méi am Detail op dräi Haaptkriticken zrëckkommen, déi mer vun der méi juristescher Säit hier un deen heiten Text formu- léieren.

Éischt Kritik ass déi, dass mer, wéi och déi Jore virdrun - an trotzdem sech e Konsensus hei iwwert déi lescht zwee Jore schonn ofgezee- chent huet, dass dat eigentlech net de richtege Wee wär - dës kéier erëm en Text hei vun der Regie- rung presentéiert kritt hunn, deen déi Vollmacht op ee Joer be- schränkt, eng zäitlech beschränkte Vollmacht also, déi eng Regierung